LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Luxembourg, le 20/04/2020

REÇU
Par Christine Wirtgen , 15:49, 20/04/2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°1996

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1996 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Energie,

Claude Turmes

**Äntwert vum Här Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°1996 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwert de Stroumverbrauch vun elektreschen Autoen**

Wat d'Fro vum zousätzleche Stroumbedarf fir d'Elektromobilitéit ugeet, sou kann op déi parlamentaresch Froen n°1358 an n°1774 vun dësem Joer verwise ginn. Effektiv, wann een dervun ausgeet, dass 2030 schätzungsweis 240 000 elektresch ugedriwwen Autoen zu Lëtzebuerg ugemellt wäerte sinn, déi alleguer am Schnëtt 12 000 km am Joer fueren, mat engem Duerchschnëttsverbrauch vun 20 kWh/100km am vollelektresche Modus (woubäi ze berécksiichtegen ass, dass Plug-In Hybrid Autoe manner Kilometer am voll elektresche Modus fueren), dann entsprécht dat engem gesamte Stroumverbrauch vun ongeféier 520 GWh pro Joer. Dat sinn ongeféier 8% vum gesamte landeswäite Stroumverbrauch vun haut.

Wéi och schonn an der parlamentarescher Fro n°1358 erkläert, ass et an dem Kontext och ervirzehiewen, datt net nëmmen de Verbrauch e wichtege Facteur ass, mee och d'Stroumspëtzten am Dag déi musse berécksiichtegt ginn. Dofir ass et wichteg, datt Opluetstatiounen, souwuel déi ëffentlech wéi och déi privat, an Zukunft kënne steierbar sinn, fir de Wonsch fir d'Elektroautoe gläichzäiteg opzeluede besser am Stroumnetz kënnen ze geréieren.